

# Feiertechniken

klood pirsch

November 2011



# Ter mer ufänken:

Feier maachen ass einfach,

et ze **ënnerhalen** scho méi schwéier,

et richteg ze netzen an ze kontrolléieren eng Konscht

Feier gëtt Wäermt a Sécherheet. Et hëlleft et fir ze kachen a kann ee Signal ofginn.

Feier kann awer och zerstéieren.

Et ass eigentlech verbueden am Bësch Feier ze maachen, mee de Scoutsfoulard kann engem dobäi hëllef Dieren opzemaachen, wou eigentlech keng sinn.

D'Mënsche mengen nämlech dat een engem Scout vertraue kann.

-

Mir wëllen se also net enttäuschen.

Feier maache mer nëmmen

- op fräie Plazen,
- wou de Buedem net ze naass oder net ze suppeg ass,
- net ënnert engem Bam oder bei enaer Heck.



# Wei funktionéiert Feier?

Feier kann nëmmen dann entstoen, wann 3 Bedéngungen zugleich erfëllt sinn.

## **Brennbar Material:**

fest Stoffer wei Pabeier Holz, ...

flësseg Stoffer: Benzin, Spiritus,

## **Sauerstoff:**

Oni Sauerstoff kann e Feier net brennen

## **Temperatur:**

Heiansdo geet e Fonken duer, fir e Feier unzufänken.

Dréchant Holz brennt bei 300 Grad.


Wëll een e Feier ausmaachen, muss ee just 1 vun deenen 3 Saachen ewechhuelen.

Duerch Waasser gëtt d'Material ofgekillt.

Oder et hellt een dem Feier de Sauerstoff ewech, an et hält op mat brennen.

Duerno ginn natierlech d'Kuelereschter agegruween a mat Buedem bedeckt.

*Verloosst d'Feierplaz sou, datt kee mierkt datt der do waart.*



## Verschieden Aarte vu Feier:

### Lagerfeier:

D'Lagerfeier ass de Mëttelpunkt vun der Camplatz, oder gëtt wäit ewech vun den Zelter ugeluecht fir d'Nueta rou net ze stéieren.

Hei kann een e **Pyramidenfeier** oder en Stapelfeier opriichten. Sou en Feier ka Wäermt a Luucht ginn. Zousätzlech kann et ee gesellegen a kommunikative Mëttelpunkt vun engem Camp sinn.

### Kachfeier:

Hei gëtt d'Feier natierlech deem ugepasst, wat gekacht soll ginn. Fir ze grille brauch ee Kuelen, fir mam Dëppen ze kachen eng regelméisseg Flam. Et kann en och Steng erhëtzen an dorobber broden oder et geheit een déi warem Steng (Muselwaken) an d'Waasser an déi bréngen et dann zum kachen. En Draibeen iwwert der Feierstell hält en Dëppen iwwert der Flam an et kann een esou d'Héicht reguléieren. Oder et setzt een en Dëppen op 2 Steng an et feiert en ënnert dem Dëppen. . Huet ee vill Glous, kann een an engem Lach d'Gamelle mat der Glous ronderëm vergrüewen, dëst da mat Buedem bedecken, sou huet ee just Hëtzt, a bal sou eppes wei en Uewen.

### Signalfeier:

D'Signalfeier soll op sech opmierksam maachen. Blieder oder dënn naass Äscht maache vill Damp oder dresche Reisech dei machen vill Fonken déi an den Himmel fléien.

### Waachfeier:



# Verschidden Bauformen vum Feier



## Pyramidefeier:

Hei gëtt vu kleng op grouss ugefaangen, an der Mëtt kennt liicht brennbar Material, Dännereisech, Stréi, dënn Bengelen, da méi déck Bengelen, an zum Schluss kléng Holzstämm.

## Stärkefeier:

An Stäreform ai flaach op de Buedem dënn Benaele aeluecht. D'Benaele sinn no an no zur Mëtt zou gedrëckt. Hei kann een en Dëppen op d'Holz setzen. Dëst Feier ass immens spuersam.




## Pagodenfeier:




Beim Pagodenfeier ginn Holzstämm kräizweis openee gestapelt. An der Mëtt gëtt en kléngt Pyramidefeier opgebaut. Et kann een och uewen eng kléng Plattform maachen, wou een e Feier ufänkt. Lues a lues brennt et sech vun uewen no ënnen duerch an d'Feier gëtt ëmmer

## Feier an der Grouf:

Dës Feierart kennt aus Polvnesien. Hei gëtt d'Feier viru staarkem Wand aeschützt. D'Feier ass och net sou séier vu wäitem ze gesinn.



# Nach verschiddenen Feierarten



# Verschidden Art a Weise fir Feuer unzufänken

Et gëtt verschidden Aart a Weise wéi een e Feuer ufänke kann. Et soll een awer kee Bensin oder aner brennbar

Flësseakeeten huelen. dës sinn nämlech aeféierlech an net aesond. well een


**Den Feuerbuerer:** Hei gëtt mat engem Bou oder mat den Handflächen den Bengel an engem vieprepariertem Lach sou laang gedréint bis den Oofdriff (Glous) op en liicht brennbar Material fält an ufänkt mat gleien.



**Feieschnouer:** Dëst ass eng Technik déi a Papua Neuginea ugewannt gëtt



**Feierseen:** kenn aus Australien, et muss en en Bengel koonesch schneiden an dee laanscht en anere reiwe bis och hei den Oofdriff (Glous) op liicht brennbar Material fält.



**Feierplou:**

Hei gëtt an engem Stéck mellen Holz, mat engem haarde Bengel, eng Nuut sou laang an d'holz geriwwe bis och hei Glous entsteet.

# Fonken schloen

Am Prinzip ganz Einfach, aus engem Fonken soll en Glimmbrand entstoen ,aus dem soll eng offen Flam gin, an aus der Flam soll en Brand entstoen.

## Mat Feiersteen an Markasit:

Hei Brauch en puer Materialien déi en net iwverall fënnt:



### Markasit:

En metallenen schengenden Steen den en an der Géigend vun Calais an Frankräich fënnt. Dësen gëtt an 2 gespléckt, an op dat bannescht mam Feiersteen sou laang geschloen bis eng kleng



### Silex:

Feiersteen, oder Flint genannt, dësen Steen ass immens haart an zerbrécht wei Glas, an huet extrem schaarf Kanten. Mat dësem Steen gëtt laanscht den Markasit geschloe, an sou Fonken



### Zunderschwamm,

(Zunderpilz) ass en Pilz den sech op den oofegstuewenen Beem weist, et gëtt just déi

ierwecht schichte aeholl. déi déi direkt ënnert der haarder Schuel ass. si huet e bëssen konsistenz vun Lieder. Fält en Fonken hei drop alimmt den Zünder extrem laang weider. Den Zunder schwamm kann en och ufänken dann glimmt en en ganzen Daag laang oder iwwert Nuecht,



### Rohrkolben:

Dës wuessen beim Waasser oder an Sumpfgebiddern, et fënnt en se oft laanscht Autobunnen an Waaseroefänkbecken. Hei brauchen mer den Som vun dëser Planz den natierlech eichter am Freioer, ze fannen ass. Op dës "Woll" déi en einfach sammeln kann gëtt dann den glimmenden

<sup>8</sup> Zunderschwamm dropgeluecht an wei an en Nascht agepak.



## Mat Feiersteen an Markasit:



**Fotoen mam Strei an wei d'Feier  
Brennt**

# Zuder aus Kotteng

Eng Method déi vun den Trapper ugewannt gëtt fir Zuder hierzestellen.

1



Mir brauchen eng Metallenen Dous, a Kotteng, oder Jeansstoff



Dous komplett mat Kotteng fëllen an da dës op en bësse Glous nieft dem Feier opleeën



Dann gëtt mat engem Nol en 1mm Lach an den Deckel geschloen. Den Deckel op en Stéck Holz opleeë fir dat en net zertéitscht gëtt. D'Lach muss ganz ronn sinn a mir mussen et mat engem Zahnstocher zoumaache kennen



Dous sou laang op de Kuelë loosse bis keen Damp méi aus dem Lach kenn, da mam Zahnstocher zoumaachen an ofkille loosse. Wann de Stoff verkuelt ass bleift

# Fonken schloen

## Mat Silex an Schlooeisen:

Dëst ass de selwechte Prinzip wei mam Silx an Markasit. Just dat hei en Schlooeise benotzt gëtt fir Fonken ze maachen.

De Silex gëtt an déi lenks Handgeholl an uewendrop gëtt en Stéck Zunderschwamm oder Zunder aus Kotteng gehalen, da gëtt mam Schlooeise laanscht de Silex geschloe bis Fonken entstinn, déi da mat vill Gedold op den Zunders fléien.

Glimmt den Zunder, gëtt wei virdru beschriwwen dësen an en Nascht vu Rohrkolben a Stréi geluecht dan lues dran geblose bis dat ganzt ufänkt verteidegt mat vill Dämpfen da Brennen.



## **Wichtig:**

Ier en en Atelier mat senge Guiden/Scoute mecht muss all Technik virdrun oft geübt an ausprobéiert ginn. Et muss dat richtegt Material sinn an alles muss dresche sinn. Et soll en am beschte mat méi enger einfacher Technik ufänken ier en sech mat der (Kinneksklass, dem Drill Bou beschäftegt.

## **Hei eng oofstufung vun einfach op Schwéier:**

**Mam Briquet:** Och dëst ass net sou einfach, wei bei all Feier muss en verteidegt leieren dat richtegt Material an der richteger Reiefolleg opzeleeën.

**Mam Fixfeier:** Einfach mol just mat engem Fixspoun ufänken.

**Mam Schlooeisen a Kottengszunder:** Dësen Zunder gëtt am einfachsten un!

**Mam Schlooeisen an Zunderschwamm:**

**Mam Silex a Markasit**

**Mam Drillbou**




# Holzarten, ...



**Bichenholz** eegent sech fir en Feier ze maache ganz gutt, besonesch fir ze Kache well et laang brennt eng gläichméisseg Hetzt entwéckelt



**Eechenholz** gëtt enorm Hetzt of wann et gloust, et ass Ideal fir en Lagerfeier am Wanter. Et geet zwar schwéier un mee wann et bis brennt dann hält et Hetzt enorm laang



**Birkenholz** ass gutt fir d'Feier unzufänken, et brennt och wann et naass ass, et hält awer net laang d'Hetzt, a gëtt och keng Kuelen



All **Noolengewächs** brennt imens schnell, wéinst den Harz de bannendran ass. D'Glous sprëtzt och fonken, wat beim Lagerfeier onangenehm a geféierlech ka ginn. Bei der Verbrennung entsteet eng Grouss Hetzt, awer keng Kuel. Et brennt och wann et naass ass.

**Uebstbeem**, brennen schnell, hetzen awer bal net, an maachen och bal keng Kuelen.

Et gëtt eng Onmass Baamarten déi en huelen kann fir ze brennen, wichteg ass et keng Beem ze haen well desen naass ass, et läit normalerweis genuch an den Bëscher, wat drechen ass, an wat direkt kann verbrannt ginn.

# Wat fir eng Aktiviteiten kann en mat Feier machen

## **Schossel Brennen / Löffel Brennen**

Hei gëtt mat enger Kuel eng Vertiefung an en Holz gebrannt. Am beschten eegenen sech Eeschenkuelen, déi ginn op d'Holzstéck opgeluecht a mat engem Bengel festgehalten. En naassen, freschgeschnidene Bengel fänkt net sou séier un mat brennen. Dann gëtt op d'Kuel geblose bis eng Vertiefung ausgebrannt ass, mam Bengel gëtt dann dat verkuelten ewechgeriwwen. an sou ëmmer méi déif agebrannt. Eng normal Schossel brauch bal 3 Stonne bis se déif genuch gebrannt ass. Dëst ass eng flott Beschäftegung fir owes beim Lagerfeier.

## **Feierwuecht**

Eng Patrull oder déi ganz Trupp oder Clan muss während der ganzer Nuecht d'Feier um Brennen halen. Selwer sollen se sech Schichten opsetze fir dëst ze erreechen. Während dëser Aktioun kennen och spirituellt Theme mat verbonne ginn.

## **Morsezeche mat Feiere**

Morsezeche maache setzt viraus dës ze kennen. Zu 2 an 2 hält een eng Decken déi an engem gewëssen Ofstand iwwert en Feier wat just Dämpft (Naasst Holz , Blieder,...) drugehale gëtt an ewechgeholl gëtt. Einfach mol probéiere SOS ze Morsen.

## **Sperspetz um Feier häerden**

En frech geschniddene Nësstert usetzen an an de Kuelen häerden.

Fotoen vun den Aktiviteiten....  
Schosselbrennen,,,,,

[www.stamm-kreuz-ritter.de/Feuer/Feuer.htm](http://www.stamm-kreuz-ritter.de/Feuer/Feuer.htm)

[www.scout-online.net/?page\\_id=180](http://www.scout-online.net/?page_id=180)

[www.nature-x.com/praktische-tipps/feuer-machen.html#c773](http://www.nature-x.com/praktische-tipps/feuer-machen.html#c773)

[www.venatus.de](http://www.venatus.de)

[www.feuer-steinzeit.de](http://www.feuer-steinzeit.de)



Lëtzebuurger  
**Guiden a Scouten**



**Neihaischen**  
Guide and Scout Centre